

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un d'Madamm Inneministesesch weiderzeleeden:

„Eng vun de Konsequenze vum Klimawandel ass, dass wéinst de méi héijen Temperaturen a verlängerten Drécheperioden de Risiko vu Bëschbränn an d'Luucht geet.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Madamm Inneministesesch folgend Froe stellen:


- *Wéi vill Bëschbränn goufen an de Joren 2001-2021 hei zu Lëtzebuerg gezielt?*
- *Wat fir Regioune vum Land a wat fir e Genre vu Bësch si besonnesch betraff?*
- *Wéi vill Hektar Bësch si jee weils bei dëse Bränn zerstéiert ginn?*
- *Wéi preparéiert sech de CGDIS fir Bëschbränn, déi an Zukunft méi dacks kéinten optrieden, ze bekämpfen? “*

Mat déiwem Respekt,

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu



André BAULER
Deputéierten